CSV
FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
28 MARS 2019
575

**Lëtzebuerg, den 28. März 2019**

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zum Fëmmen op den Terrasse vun Restaurant'en un den Här Minister fir Mëttelstand an un den Här Gesondheetsminister weider ze leeden.

Momentan ass an der Gesellschaft eng grouss Diskussioun iwwert d'Fëmmen op Terrassen vu Restaurant'en am gaangen. D'Regierung huet sech an deem Kontext géint een Verbuet op den Terrassen ausgeschwat. De Minister fir Mëttelstand huet an der Chamberkommissioun dem Horesca-Secteur seng Ënnerstëtzung fir Sensibiliséierungscampagnen zougeséchert.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Minister fir Mëttelstand an un den Här Gesondheetsminister stellen:

- Wéi huet den Här Minister fir Mëttelstand wëlles, d'Campagnen vun der Horesca ze ënnerstëtzen?
- Gedenkt den Här Minister fir Mëttelstand, dës Campagnen finanziell ze ënnerstëtzen ?
- Gett souguer vläicht envisagéiert eng gemeinsam Campagne mam Gesondheetsministère op Been ze stellen?
- Ass ugeduecht dass Ministären vun der Santé an dem Mëttelstand een Logo fir fëmmfräi Terrassen entwéckelen?
- Ass et méiglech eng Online-Plattforme ze lancéieren, wou Clienten gesinn, op wéi engen Terrassen däerf gefëmmt ginn an op wéi engen net?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Nancy Arendt ép. Kemp**
**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 30 AVR. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 MAI 2019

Le Ministre des Classes Moyennes
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : Co/QP575-02/JM-rg

**Objet: Question parlementaire N° 575 du 28 mars 2019 de Madame la Députée Nancy Arendt**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Lex Delles

Dossier suivi par : Judith Meyers, tél : 247-84349 ; email : judith.meyers@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu
www.eco.public.lu

126-000010-20040525-FR

**Äntwert vum Här Mëttelstandsminister, Lex Delles, an dem Här Gesondheetsminister, Etienne Schneider, op d'parlamentaresch Ufro nr 575 vum 28. Abrëll 2019 vun der Madamm Deputéierten Nancy Arendt**

Den Horesca-Secteur huet effektiv annoncéiert eng Sensibiliséierungscampagne iwwert d'Fëmmverbuet op den Terrasse wëllen an d'Weeër ze leeden. D'Regierung huet reegelméisseg Echangen mat de Vertrieder vum Secteur an deenen och dëse Sujet diskutéiert ginn ass. Am Kader vun deenen nächste Reunioune wäert och d'Sensibiliséierungscampagne iwwert Fëmmen op den Terrassen e Sujet sinn. Sollt vun der Horesca eng Demande fir eng finanziell oder anerwäiteg Ënnerstëtzung un d'Regierung erugedroe ginn, erkläert d'Regierung sech bereet do och en Apport ze leeschten.

Ee spezifesche Logo fir fëmmfräi Terrassen ass zu dësem Zäitpunkt net geplangt. Et ass sech awer ze erwaarden, dass fëmmfräi Terrasse mam traditionelle Verbuetsschëld wäerten ausgezeechent ginn, engem Schëld dat een internationalen Erëmerkennungswäert huet.

Virun engem eventuellen Ariichten vun enger Online-Plattform soll ee bedenken, dass de Client haut schonn d'Méiglechkeet huet am Internet iwwert Sichmaschinnen a sëllech aner bestoend Plattformen een Etablissement no verschiddene Critèren ze sichen (wéi zum Beispill : behënnertegerechten Accès, Spilleck fir Kanner, Parkingsméiglechkeet virun der Dier, Déieren zougelooss, asw.). Et ass sënnvoll mat de bestoende Lëtzebuerger Plattformen Kontakt opzehuelen fir si ze encouragéieren fir d'fëmmfräi Terrassen als weider Variabel op hire Säiten ze referenzéieren, dëst direkt aus méi Grënn :

- Well een sou kann op d'Notorietéit vun de bestoende Plattformen opbauen ;
- Well d'Gewunnecht vun den Internauten zu de bestoende Plattformen net gebrach gëtt ;
- Well de Client op de bestoende Plattformen bei Wäitem méi Informatioune fënnt wéi just d'Informatiounen iwwert fëmmfräi Terrassen.

Eng spezifesch Plattform an d'Liewen ze ruffen, déi eenzeg an eleng fëmmfräi Terrasse géif referenzéieren, wier deen Ament net pertinent.